



Waldbillig, en décembre/ am Dezember 2022

Holz vun hei

Regioun Mëllerdall

Bois de chauffage

L'administration communale se propose de vendre du bois de chauffage issu des forêts communales. Le bois, coupé en pièces de 1 mètre et préparé en fagots, est empilé le long d'un chemin facilement accessible. Le prix en est de 80€ TTC par stère. Pour la livraison à domicile le prix de 90€ TTC est facturé.

La quantité maximale qui peut être commandée par ménage s'élève à 10 stères. Les personnes intéressées sont priées de renvoyer le talon ci-contre, dûment rempli, à l'administration communale, 1, rue André Hentges, 7680 Waldbillig, pour le **27 janvier 2023** au plus tard.

Dès émission de la facture, la commune décline toute responsabilité en cas de vol du bois.

Brennholz

D'Gemengeverwaltung verkeeft Brennholz aus de Gemengebëscher. Dëst Holz gëtt a meterlaang Stécker geschnidden a laanscht e gutt befuerbare Wee a Bëndele getässelt. De Präis fir ee Ster (Raummeter) ass 80€ TTC a wann Dir d' Holz wëllt heem geliwwert kréien kascht et 90€ TTC. Pro Haushalt gi maximal 10 Steren ugebueden.

Déi Leit, déi Interessi un dësem Brennholz hunn, si gebieden de Formulaire hannendrun ausgefëllt bis de **27. Januar 2023** spéitstens un d'Gemengeverwaltung 1, rue André Hentges L-7680 Waldbillig ze schécken.

Vum Ausstelle vun der Rechnung u kënnt d'Gemengeverwaltung net méi fir den Déifstall vum Holz op.



Le / la soussignée / den Ënnerzeechner

Nom/Numm.....Prénom/Virnumm.....

Adresse/Adress.....

Tel.....

désire acheter st. de bois de chauffage au prix de 80€ le stère

désire acheter st. de bois de chauffage au prix de 90€ le stère inclusivement livraison

wënscht ze kafen Ster (Raummeter) Brennholz zum Präis vun 80€ pro Ster

wënscht ze kafen Ster (Raummeter) Brennholz zum Präis vun 90€ pro Ster inkl. Liwwerung

Je m'engage à verser la somme de€ à la recette communale sur le compte LU31 1111 0112 2570 0000 dès réception de la facture et à enlever le bois **au plus tard endéans 3 mois.**

Ech verpflichte mech de Betrag vun€ op de Kont LU31 1111 0112 2570 0000 vun der Gemeng Waldbëlleg, direkt ze iwwerweisen soubal ech d'Rechnung kréien an d' **Brennholz spéitsens bannent 3 Méint ewechzehuelen.**

Date et signature/Datum an Ënnerschrëft





Den Artikel 33 vum Policereglement vun der Gemeng Waldbëllëg gesäit vir, dass d'Verwennung vu Feierwierks- a Knallkieperen an der Gemeng Waldbëllëg verbuede sinn.

De Schäfferot huet decidéiert op Silvester 2022 keng Ausnam ze accordéieren zu deem Artikel aus dem Policereglement.

D'Gemeng erënnert drun, dass Verstéiss bestrooft kënnen ginn.

Merci fir Äert Versteesdemech!

Il est rappelé que le règlement de police de la Commune de Waldbillig dispose en son article 33 que l'utilisation de feux d'artifice et de pétards est interdite dans la municipalité de Waldbillig.

Le Collège échevinal a décidé de ne pas déroger au principe général décrété par le règlement de police précité en ce qui concerne le tir de feux d'artifices privés pour la Saint-Sylvestre 2022.

Il est rappelé que les contraventions au règlement peuvent être punies par une peine de police.

Merci pour votre compréhension.

De Schäfferot/ Le collège échevinal,

Andrée Henx-Greischer, Serge Boonen, Jean-Joseph Tholl

De perfekte Kaddo?



Ech wëll e schéine Gest maachen, mee...



... et ass oft **méi Stress ewéi Freed**

#RELAX

Studien hu gewisen datt vill Leit méi gestresst an der **Chrëschtagsperiod** sinn ewéi de Rescht vum Joer.



... mir ginn d'**Iddien** aus



- Nach ni virdrun hu mir souvill **materiell Saache** gehat.
- Wéineg Leit waarden nach op d'Feierdeeg fir dat ze kréie wat si wëllen, well vill Produiten accessibel a bëlleg gi sinn.



4 Froe fir de Kaddo-Expert

#MINIMALISMUS

Ass mäi Kaddo noutwendeg?



"Vill Leit wëllen net onbedéngt **méi**, mee éischer **manner**."



- Bis zu 1/5 vun de Kaddoe ginn **ni benotzt**.
- 4% ginn direkt an d'**Poubelle** geheet.



Wéi wier et mat engem gemeinsamen Erleefnes?

= déi **perséinlech**st Geschenker!

z.B. Aktivitéiten, Hëllef / Service ubidden ...



Kann ech e selwer maachen?



Liewensméttel, Fleegeproduiten, Souveniren ...



Ass en nohalteg?

laanglieweg / robust



gesond an ouni chemesch Produiten



Bonus: lokal produzéiert?



ouni Verpackung *



#ECOGIFT



* Tipp: Notz Material, wat s du schonn doheem hues!



WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBILLIG

Le cadeau parfait?

Je veux faire plaisir à mes proches, mais...



... c'est + de **stress** que de **plaisir**

Des études ont montré que de nombreuses personnes sont plus stressées pendant la **période de Noël** que le reste de l'année.



#RELAX

... je suis en **manque d'inspiration**



- Nous cumulon de plus en plus de **choses matérielles**.
- Peu de gens attendent encore les fêtes pour obtenir ce qu'ils veulent, car l'accessibilité augmente et les prix baissent.



4 questions pour l'expert des cadeaux:

#MINIMALISME



Mon cadeau est-il utile ?

"Beaucoup de gens ne veulent pas forcément **plus**, mais plutôt **moins**."




- Jusqu'à 1/5 des cadeaux ne sont **jamais utilisés**.
- 4% sont directement jetés à la **poubelle**.



Que dirais-tu d'une expérience partagée ?

= les cadeaux les + **personnels!**

p.ex. une activité, proposer de l'aide / un service ...



Puis-je le faire moi-même ?

de la nourriture, un produit de soin, des souvenirs ...



Est-il durable ?

solide / réparable



sain et sans produits chimiques



produit localement?



sans emballages *



#ECOGIFT

* Astuce: Utilise du matériel que tu as déjà chez toi!



WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBILLIG

ENERGIE SPUEREN BEI DER Chrëschtagsbeliichtung

Ee Grond méi fir ze feieren! Ech kann eppes fir d'Ëmwelt, fir d'Biodiversitéit a fir mäi Portmonni maachen:

1 **E klengen Akzent setzen** amplaz e ganzt Winterwonderland am Virgäertchen.



Am neie Joer kann d'Belichtung dann och séier nees fortgeraamt ginn :)

2 **2-3 Stonne Belichtung** ginn duer. **No 22h** d'Belichtung ausmaachen.



Da schlofen déi meeschte Leit schonn ... an d'Flantermäis feiere kee Chrëschttag.

Tipp: **Zäitschaltauere** benotzen!

Liichtquelle verwirren nuetsaktiv **Déieren** a kënnen de Wanterschlof stéieren.



3 **Wa schonn elektresch, dann LED.**

LED-Luuchte verbrauche just **1/10 u Stroom** am Verglach mat 'konventionelle' Bieren a kënnen **100x méi laang** halen.



SPUERSAM BIEREN

Solarbedriwwen LED-Liitecher sinn nach méi ëmweltfrëndlech!




Wichtig: Wiel Bieren déi e **waarmen Toun** hunn, also éischer **gierzeg** liichten (manner Perturbatioun fir d'Liewewiesen).



4 **Eng Naturkärerz oder eng LED-Lanter** virun d'Dier stellen, amplaz vun enger laanger elektrescher Girland.



Méi gemittlech a romantesch!



Läschten Tipp: D'Kabelen net duerch eng gekippte Fenster leeën.

Doduerch geet vill Heizenergie verluer!



ECONOMISER DE L'ÉNERGIE AVEC MES Illuminations de Noël

Une raison de plus de faire la fête! Je peux agir pour l'environnement, la biodiversité... et mon portefeuille:

1 Miser sur des petites touches subtiles, plutôt qu'une décoration extravagante.



Après les fêtes, les illuminations peuvent être rangées rapidement :)

2 2-3 heures d'éclairage suffisent.
Après 22h, on éteint tout.



A ce moment la plupart des gens dorment... et les chauve-souris ne fêtent pas Noël.

Astuce pratique:
Utiliser des **minuteurs!**

Les lumières artificielles perturbent les **animaux** nocturnes et peuvent déranger le processus d'hibernation.



3 Choisir des ampoules LED (de couleur chaude).

Une LED consomme seulement **1/10 de l'électricité** par rapport à une ampoule 'traditionnelle' et peut durer **100 fois** plus longtemps.



AMPOULES ÉCONOMIQUES

Les lampes LED à énergie solaire sont encore plus écologiques!



Important: choisies des ampoules au ton **chaud**, c.-à-d. une lumière plutôt **jaunâtre** (moins perturbante pour les organismes vivants).

4 Placer une bougie naturelle ou une **lanterne LED** devant la porte, au lieu d'une longue guirlande électrique.



Plus agréable et romantique!



APPEL À LA CRÉATIVITÉ



Dernier conseil: ne pas faire passer les câbles à travers une fenêtre entrouverte.

Perte d'énergie de chauffage!



De Schäffen- a Gemengerot & d'Mataarbechter vun der Gemeng
wënschen Iech

Schëi Chrëschtdeeg &
e gesond a glécklecht Neit Joer



WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBILLIG